1-2021-O-2-7097-01 (n°3852)

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dépôt : Martine Hansen
28 avril 2022

**MOTIOUN**

**Finanziell Ënnerstëtzung vu Léiermeedercher a Léierjongen**

D'Chamber stellt fest, dass

- vill vun eise Léiermeedercher a -jongen op den Auto ugewise sinn, well fir si den ëffentlechen Transport net passt, Betriber, wou si schaffen an Industriezonen leien, déi schlecht ugebonne si respektiv well si musse mam Auto op de Chantier fuere, fir ze schaffen,

- och si staark vun der rezenter Präisdeierecht, virun allem duerch déi héich Bensinns- an Dieselpräisser, betraff sinn,

- d'Regierung am Kader vum Tripartite-Accord fir d'Studenten dat akademescht Joer 2022/2023 eng zousätzlech Enveloppe vun 10 Milliounen Euro deblockéiert huet, wat ze begréissen ass,

- Léiermeedercher a -jongen, eisen Informatiounen no, net an de Genoss vun Energie-Bäihëllefen komme,

Aus dëse Grënn freet d'Chamber d'Regierung :

- déi néideg legislativ an / oder reglementaresch Schrëtt an d'Weeër ze leeden, fir dass och d'Léiermeedercher a -jongen, déi am Kader vum „Régime concomitant" vun der Beruffsausbildung ofwiesselend beim Patron respektiv am Lycée sinn, zäitno an de Genoss vu Bäihëllefe kommen.

Hansen Martine    M. Spautz    M. Hengel    Paul Schaaf

S. Gilles Roth